03. DEZEMBER 2025

Gemengebuet




#LIEWENZUESCH


esch

☑ = Jo
☒ = Nee
⊜ = Enthalen
🔄 = Procuratioun

03. DEZEMBER
2025


Gemengebuet





esch

Voir les votes par conseiller →



Transkriptioun Gemengerot Esch-Uelzecht

3. Dezember 2025

Réunion publique

1. Présentation du projet du budget pour l'exercice 2026 et du budget rectifié pour l'exercice 2025

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Escher Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif Leit, déi eis eventuell suivéieren iwwer déi verschidde Medien, ech begréissen lech dann an der Sëtzung vum haitege Gemengerot. Bei der Presentatioun vum Budget.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Escher Gemengerot, no ville Stonne Preparatioun an de Servicer an am Schäfferot freet et mech, lech haut d'Propos fir de Budget rectifié 2025 an de Budget Initial 2026 ze presentéieren.

Eng Propos, déi op zwee Pilieren opgebaut ass. Enger Analys vun der aktueller Situatioun vun der Stad Esch, déi esouwuel den Iwwerleeungen a Méiglechkeete vun eiser Administratioun, ewéi de Besoinen an de Wënsch vun den Escherinnen an Escher soll Rechnung droen.

An dem politesche Programm vun der aktueller Majoritéit, mat zukunftsorientéierten Iddien an Ziler, déi am Koalitiounsaccord, deen de 26. Juni 2023 hei an dësem Sall ënnerschriwwe gouf an den Titel „Nohalteg liewen, solidaresch handelen: fir e liewenswäert Esch" dréit, festgehale sinn.

Zwee Pilieren, déi dann an en Zesummenhang ze setze si mat nationalen, Europäeschen an esouguer globalen Entwécklungen, déi direkt oder indirekt en Impakt op déi Escher finanziell Situatioun haten, aktuell hunn oder previsionnel kéinte kréien.

Erlaabt mir, lech dës Entwécklungen, opgrond vun den Informatioune vun der Europäescher Kommissioun, dem Finanzministère a vum Statec kuerz duerzestellen.

2024 huet d'Weltekonomie e Wuesstum vu ronn 3,3 % kannt. E Wuesstum, deen awer net gläichméisseg iwwer d'Kontinenter an duerch d'Länner verdeelt ass. Esou ass de Wuesstum an der Euro-Zone mat 0,8 % ënner engem Prozent bliwwen. De Lëtzebuerger PIB huet 2024 eng Entwécklung vun 0,4 % kannt.

Den Ufank vum Joer 2025 gouf gepräägt vun der neier US-Handelspolitik. Déi heiraus entstoend Desorganisatioun vu sëllege Produktiounsketten huet à ce stade zu enger Baisse vum weltwäite Commerce gefouert an déi ekonomesch Aktivitéit ausgebremst.

D'Previsioun fir de Wuesstum an der Euro-Zone läit fir 2025 bei 0,9 %. Dat sinn 0,4 % manner ewéi d'lescht Joer. Grad bei de fir Lëtzebuerg wichtegsten Handelspartner, also eisen Nopeschlänner, schwächt d'Ekonomie.

De prognostizéierte Wuesstum fir de Grand-Duché fir 2025 läit bei genee 1 %. Virun engem Joer gouf nach e Wuesstum vun 2,7 % fir Lëtzebuerg geschat. E positiven Trend mat enger liichter Reprise gëtt sech fir 2026 erwaart: de Wuesstum gëtt mat 1,4 % fir d'Euro-Zone a mat 2 % fir Lëtzebuerg virausgesot.

Op dëser Realitéit a Previsioune baséierend ginn d'Recettë fir den nationale Budget opgestallt. Recetten, déi dann erëm ëmverdeelt ginn, notamment och direkt an indirekt op d'Stied an d'Gemengen.

En anere Facteur ass d'Inflatioun, déi an der Euro-Zon zeréckgaangen ass. Konkreet

fir Lëtzebuerg koum no de Joren 2022 mat enger Inflatioun vu 6,3 % an 2023 mat enger Inflatioun vun 3,7 % e méi stabillt Joer 2024 mat enger Inflatioun vun 2,1 %. D'selwecht schätzt de Statec d'Inflatioun fir 2025 an. Fir 2026 gëtt eng Inflatioun vun 2 % prognostizéiert.

Eng Inflatioun, déi a Fonctioun vun de verschiddenen Ausgaben ënnerschiddlech gewäert gëtt. An awer eng Inflatioun, déi en Impakt op d'Depensë vun der Stad Esch wäert hunn. Sief et direkt mat enger Index-Tranche, déi an den neie Budget anzeschreiwen ass, oder indirekt mam Akaf vun Objeten, Wueren a Servicer.

De Kontext, an dee sech all dës Zuelen aschreiwen, ass duerch sëlleg Tensioune gepräägt: arméiert Konflikter, Afrostellung vun demokratesche Prozesser an dem État de droit, eng demografesch Veralterung, extreem klimatesch Phenomeener, d'Entwécklung vun der Kënschtlecher Intelligenz.

Ech zitéieren aus dem Finanzminister Gilles Roth sengem deposéierten Budget 2026: „Ces facteurs nourrissent une forte volatilité conjoncturelle et monétaire, qui affecte directement une petite économie ouverte et fortement intégrée aux échanges internationaux comme le Luxembourg." A weider: „Le Luxembourg doit demeurer un repère de stabilité et de fiabilité, tout en poursuivant sa trajectoire de progrès".

Léif Alleguerten, d'Ambitioun vun der aktueller Majoritéit an eist Versteesdemech vun der Roll, déi d'Stad Esch en toute connaissance vun all den ugeschwate Situatiounen, ass et, d'Recetten an d'Ressourcen, déi eis gi sinn, am Sënn vun enger beschtméiglecher Entwécklung an dem bestoende Liewensraum d'Stad ze notzen; sech den Defie vun haut iwwerluecht a bestëmmt ze stellen; a sech virausbléckend op déi zukünfteg Entwécklung vun der Stad an der Regioun virzebereeden an dës matzegestalten.

Dës Ambitioun ass keng nei an och de Kontext variéiert net signifikativ am Verglach zu de Virjoren. An e puer Momenter wäert Dir awer gesinn, dass déi op Prioritéiten opbauend an d'Wichtegkeet vu Projeten ofschätzend Finanzpolitik aus de leschte Joren hir positiv Effekter dréit.

Verschidden Invester, déi an de leschte Joer net denkbar gewiescht wären, wäerten am Budget 2026 erëmzefanne sinn. An dëst ouni mat der ageschloener an nach unzehalender virsichteger Finanzféierung ze briechen. Dëst ouni d'Stabilitéit, déi d'Stad Esch duerch déi aktuell Majoritéit kennt, op d'Spill ze setzen.

An eng Linn, déi sech och an d'Logik vun de Recommandatioune vum Ministère des Affaires Intérieures erëmschreift. Déi vum Léon Gloden ënnerschriwwene Circulaire vum 23. Oktober beseet: „Concernant les dépenses d'investissement, je réitère l'appel au maintien de budgets d'investissement dans la mesure du possible à un niveau élevé. (...) Toutefois je conseille vivement d'estimer la participation directe des communes au produit de l'impôt commercial communal, ainsi qu'au Fonds de dotation globale des communes avec une certaine prudence."

D'selwecht ewéi am Virjoer gëtt et opgrond vun Ëmsetzungen aus dem Regierungsprogramm fir 2026 verschidden Neierungen, déi en direkten Impakt op d'Gemengefinanzen haten a wäerten hunn.

Am Juli 2025 goufen d'Gemengen doriwwer informéiert, dass réckwierkend op den 1. Januar 2024 eng Reform vun den Aides en capital pour les équipements collectifs décidéiert gouf. Dës Reform bedeit eng Upassung vun de Subsiden, déi d'Gemenge fir kollektiv Ekipementer kréien.

Zum Beispill bei der Konstruktioun vu Schoulen, wou d'Gemengen elo 8.000 € fir all Meterkarree, deen am Kader vum Enseignement genotzt gëtt, amplaz vu 5.000 € fir nëmmen de Meterkaree vum traditionelle Klassesall kënnen als Subsid kréien.

Den Taux fir de ganze Projet ass elo uniform op 70 % ugepasst. A wëssend, dass d'Stad Esch an den nächste Joren op mannst véier weider Schoule baue wäert, kritt d'Stad Esch duerch dës Reform eng besser Planungssécherheet. Och aner ëffentlech Gebaier oder Ekipementer si vun der Reform betraff.

Fir regional Projetë kënnen nach eng Kéier bis zu 10 % vum subsidiablen Taux dobäi kommen. Mat Bléck op d'Metzeschmelz kéint eis och déi Neierung zeguttkommen.

Et traut een sech awer nach net, d'Prognos ze formuléieren, wat dës Neierunge fir d'Stad Esch an Euroen ausmécht. Zanter Enn Juli war et nach net méiglech, d'Berechnunge vun de Subsiden op alle lafende Projeten déi ënner d'Krittäre falen, unzepassen. Fir nei an zukünfteg Projete gëtt dat da méi einfach.

D'Haapttransferten tëscht dem Staat an de Gemengefinanze si weiderhin d'Part aus dem Fonds de dotation globale des communes (FDGC) an déi direkt Part um Produit vum Impôt communal commercial (ICC).

Zesumme gi ronn 3,6 Milliarden Euro un d'Gemengen ausbezuelt. Dëst ass eng positiv Variatioun vu 7,5 % am Verglach zu de Konten 2024. D'Part aus dem FDGC mécht mat ronn 3,4 Milliarden Euro de gréissten Deel aus a kennt eng positiv Variatioun vu 7,2 % am Verglach zu de Konten 2024.

D'Part vum ICC mécht ronn 261 Milliounen Euro aus a kennt eng positiv Variatioun vun 12,4 % am Verglach zu deene selwechte Konten.

Et bleift ze soen, dass een Deel vum ICC och mat an den FDGC gerechent gëtt an dass d'Recettë fir 2024 bei Wäitem besser ausgefall sinn ewéi d'Previsiounen. Wéi awer och, dass d'Entwécklung vun de previsionnelle Recetten nach net erëm déi ass ewéi virun der sanitärer an de follgende Krisen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, éier ech lech elo d'Zuele vum rektifizéierte Budget 2025 presentéieren, wéilt ech gären ervirhiewen, wat d'Bedeitung vum Budgetsprojet fir eng Stad oder eng Gemeng ass.

De Budgetsprojet ass e kollektiivt Engagement vun der politescher Leedung an der ganzer Administratioun vun der Stad géigeniwwer hire Biergerinnen a Bierger. De rektifizéierte Budget dréckt duerch de chiffréierten Invest dëst Engagement an Zuelen aus. En Invest an d'Stad an a seng Leit. En Invest, an elo widderhuelen ech den Titel vun der Budgetpresentatioun 2025, deen eis fir Esch wichteg war.

De rektifizéierte Budget 2025 stellt sech a follgenden Eckdaten duer. De rektifizéierte Budget vum Joer 2025 gesäit am uerdentlechen Deel Recettë vun 299.165.933 Euro an Depensë vun 243.135.098 Euro vir. Doraus ergëtt sech e viraussichtlechen Iwwerschoss vu 56.030.835 Euro.

Rechent een de Boni vun de Konte vum Joer 2024 (49.287.216 Euro) dobäi, ergëtt sech doraus e viraussichtleche Gesamtiwwerschoss vun 105.318.051 Euro am uerdentleche Budget vum Joer 2025.

Deem géigeniwwer stinn am ausseruerdentlechen Deel Recettë vun 62.262.002 Euro an Ausgabe vun 147.598.132 Euro. Dëst bedeit

also e Mali vun 85.336.130 Euro. Zitt een dëse Mali vum uerdentleche Gesamtiwwerschoss of, bleift fir Enn 2025 e viraussichtlech Reschtiwwerschoss vun 19.981.921 Euro.

Ech gräife vir: Den an de Budget Initial 2025 ageschriwwenen Emprunt huet net misse geholl ginn. Et kann och ausgeschloss ginn, dass e Recours heirobber fir dëst Budgetsjoer nach néideg kéint ginn.

E puer Zuelen, méi am Detail: Virewech den Invest deen sech am ausseruerdentleche Budget rectifié 2025 op ronn 147,6 Mio. Euro wäert chiffréieren. Dëse wäert domadder de Rekordinvest aus dem Joer 2022 viraussichtlech ëm 5 bis 6 Mio. Euro iwwertreffen.

E Rekordinvest, dee véier- bis fënnefmol esou héich wäert ausfalen ewéi de Rekordinvest aus de Jore virun der Gemengefinanzreform. E Rekordinvest mat engem Réalisé beim extraordinäre Budget, deen no un d'Hürd vun de 60 % wäert erukommen.

Enger Ufuerderung gëtt de Schäfferot domadder e Stéck méi gerecht, nämlech dem Gemengerot e méi realisteschen an ëmsetzbare Budget virzeleeën. An e Rekordinvest, fir deen net wäert mussen op den ugekënnegten Emprunt, deen am initiale Budget 2025 mat 78,5 Mio. Euro ageschriwwe war, zeréckgegraff ginn.

Dëst ass ënner anerem dorobber zeréckzeféieren, dass ewéi virdru schonn ugedeit, d'Recettë fir d'Joer 2024 bedeitend besser ausgefall sinn, ewéi ursprünglech erwaart. Recetten, déi der Stad Esch dëst Joer zäitweis e Kontostand vun däitlech iwwer 80 Mio. Euro erméiglecht hunn.

Recetten, déi mat dozou bäiegedroen hunn, dass d'Stad Esch d'Joer 2025 viraussichtlech mat engem selwechte Kontostand wäert ofschléissen ewéi de Stand vum 1. Januar 2025.

Heizou kënnt eng un déi deemoleg Previsiounen ugepasste prioriséierend Politik bei den Ausgaben. Mat enger Prioritéit fir de „Wichteg" par rapport zum „Nice to have" an enger Prioritéit fir den nohaltegen Invest.

Fir d'Haaptinvester ervirzehiewen, gräifen ech op en Artikel aus der Press zeréck, deen op den Dag genee virun engem Joer am Tageblatt de Budget 2025 mat der Iwwerschrëft „Im Zeichen von Bildung und Wohnen" duergestallt huet.

A wann d'Tageblatt muer en Artikel just iwwert de Budget rectifié 2025 géing schreiwen, kéint de selwechte Resumé och den neien Artikel iwwerschreiwen.

Tatsächlech sinn de Logement an den Enseignement nämlech d'Beräicher mat dem héchste finanziellen Invest am ausseruerdentleche rektifizéierte Budget 2025: Mat viraussichtlech 54,7 Mio. Euro wäert den Invest an de Logement ronn 37 % vum ganze rektifizéierten ausseruerdentleche Budget 2025 ausmaachen.

Beim Enseignement an de Maison-relaise wäert et mat viraussichtlech 24,8 Mio. Euro, ronn 17 % sinn. Zesummegerechent 38 Mio. Euro, an domat 26 % huet den Invest an d'Stroossen, d'Plazen an d'Reseauen ausgemaach. 14 % vum Invest falen an d'Kategorië Kultur, Sport a Fräizäit. Dëst mat engem Invest vu ronn 21 Mio. Euro.

Gréisser Projeten, déi am Joer 2025 budgetär ofgeschloss konnte ginn, respektiv déi am Budget Initial 2026 nëmmen nach mat klenge Montante fir den definitiven Ofschloss ageschriwwe sinn, sinn ënner anerem de Generatiounscampus Wobrécken, d'Maison relais „Bei de Pompjeeën", de Collecteur

principal, d'Ring-Struktur fir d'Fibre optique, de Boulevard Grande-Duchesse Charlotte (Luxembourg – Paix), den Ariston, eise Sëtzungssall, d'Sozialwunnengen 62, Rue du Fossé an 1-5, Op der Leier, de syntheeteschen Terrain am Stade Emile Mayrisch, de Scoutschalet fir d'Diables Rouges a verschidden Aarbechtsmaschinnen.

An dës Lëscht ass alles anescht eweí exhaustiv!

Virun zwou Wochen hei op dëser Plaz, bei der Presentatioun vun de Konten 2023, huet e Riedner vun der Oppositioun gemengt, dass verschidde Leit der aktueller Politik géintiwwer skeptesch wären, well dat Annoncéiert net geschitt.

Haut äntweren ech alle Conseillèren a Conseilleren: Leet deene Leit, déi dann eventuell nach skeptesch sollte sinn, déi opgezielt Lëscht op den Dësch. Nennt an erkläert deene Leit déi grad genannt Zuelen. Weist deene Leit, wat d'Stad Esch och fir si mécht, an drot domat dozou bäi, déi allgemeng Skepsis an d'Politik ofzebauen.

Esou handele mir am Sënn vun alle Politiker, déi net an hirem Interêt handelen, mee an engem gronddemokrateschen Interêt fir d'Stad a seng Biergerinnen a Bierger.

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, virun engem Moment hunn ech hei gesot, dass de rektifizéierte Budget den Ausdrock vun engem kollektiven Engagement duerstellt. Erlaabt mir dofir wannechgelift, alle Bedeelegten, ugefaange beim Schäfferot an alle Mataarbechterinnen a Mataarbechter, fir dëst Engagement Merci ze soen.

Zu dësem Engagement gehéiert och de kollektiven Exercice vum Opstelle vum Budget fir dat kommend Joer 2026. Am Numm vum Schäfferot wéilt ech dofir och méi spezifesch alle Mataarbechterinnen a Mataarbechter Merci soen, déi un dësem Exercice bedeelegt waren.

Dëst si virun allem d'Responsabel vun an déi jeeweileg fir d'Finanzen zoustänneg Persounen an de Servicer. Virewech d'Häre vun de Finanzen: de Claude Fleming, Vincent Goorix an den hinnen zur Säit kommenden Thierry Tormena.

A menger éischter Budgetsried virun zwee Joer hunn ech hir Aufgab als eng à la fois Herkules-Leeschtung a Sisyphus-Aarbecht beschriwwen. Un dëser Beschreiwung huet sech zanterhier näischt verännert; se huet sech confirméiert. Woumat ech elo op d'Presentatioun vum initiale Budget 2026 géing iwwergoen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Membere vum Escher Gemengerot, op dëser Plaz vun der Budgetsried hunn ech an de leschte Joren en Zitat ageschriwwen, dat dann als Fil rouge duerch d'Presentatioun gefouert huet.

Grad an dësem ganz politesche Summer, wou vill international Politiker Bicher a Schréfte publizéiert hunn, hunn ech mech awer schwéier gedoen, e passend Zitat ze fannen.

Dat net, well de Spektrum vu menger Lektür net wäit genuch gewiescht wier, mee éischter, well d'Konklusiounen an alle Schréfte mir ze vill pessimistesch waren.

Et konnt een ze oft liesen, dass d'Zäit vum politeschen „Yes we can" oder dem „Wir schaffen das" eriwwer wär. Dass sech aus dem „mir" als Opportunitéit eng Erausfuerderung vum „mir" ergëtt.

An et ass eng Konklusioun déi ech net wëll deelen. Net aus menger perséinlecher politescher Iwwerzeegung eraus, an och net aus der politescher Iwwerzeegung vun der

grousser parteiiwwergräifender Majoritéit hei aus dëser Ronn eraus.

An et ass eng Konklusioun, déi ech grad mat Bléck op d'Stad Esch, mat Bléck op d'Opliewen, dat eis Stad grad erlieft, a mat Bléck op d'Dynamik vun den, op de 16. Mee 2025 eng éischt Kéier, iwwer 38.000 Escherinnen an Escher net kann deelen.

Och wa sécherlech mol vereenzelt Kritik par rapport zu eenzelne Projeten optaucht, da brécht dat awer net den Escher Konsens, dass mir hei an eiser Stad et besser wëllen a besser kënne maachen ewéi anzwousch anescht. An dëser Iwwerleeung wéilt ech gären de Budget ënner den Titel „Mär Escherinnen an Escher wëllen a kënnen et" stellen.

A wat dat "wëllen a kënnen" ganz konkreet bedeit, dat wäert de proposéierte Budget 2026 an Zuelen ausdrécken.

De Budget 2026 ass heibäi eng Zort Bauplang. Esou ewéi d'Strécher um Plang sinn et d'Zuelen am Budget, déi op eng technesch Manéier d'Basis leeë fir de ganze Prozess mat engem guer net méi esou technesche Resultat. Am Fall vum Bauplang, d'Liewen an engem Gebai, am Fall vum Budget, d'Liewen an d'Zesummeliewen an eiser Stad.

Ewéi bei all Bauplang wäert et och beim Budget vläicht am Laf vum Joer 2026 verschidden Adaptatioune ginn. Dëst natierlech aus dem Prinzipp vun der responsabeler Handlung eraus, genee ewéi awer och aus dem Prinzipp vun enger méi partizipativer Ouverture.

An de Previsioune fir d'Joer 2026 sinn am uerdentleche Budget 302.626.750 Euro Recetten an 268.592.742 Euro Depensë virgesinn, mat engem Boni vun 34.034.008 Euro.
Zielt een de presuméierten Iwwerschoss vun 2025 (19.981.921 Euro) dobäi, ergëtt sech e presuméierten ordinäre Gesamtiwwerschoss vu 54.015.929. Euro.

Am ausseruerdentleche Budget 2026 belafe sech d'Recetten op 118.588.444 Euro an d'Depensë sech op 171.638.481 Euro, wat e Mali vun 53.050.037 Euro ervirrifft. Dëse Mali gëtt ausgeglach duerch e Boni vum ordinäre Budget. An de Reschtiwwerschoss beleeft sech Enn 2026 deemno op viraussichtlech 965.892. Euro.

D'Haaptrecette fir d'Stad Esch ergëtt sech aus dem Fonds de dotation globale des communes, op deem seng allgemeng Entwécklung ech schonn agaange sinn. D'Stad Esch kritt 6,21 % aus dem Fong guttgeschriwwen, wat e Montant vu ronn 209 Mio. Euro ausmécht.

Dëst sinn nëmmen 9 Mio. Euro méi, ewéi am rektifizéierte Budget 2025 ageschriwwe sinn. A fir de rektifizéierte Budget 2025 sinn et nëmme 5 Mio. Euro méi ewéi nach an de Konten 2024.

Ech betounen hei den „nëmmen", well et an de Konten 2023 an 2022 nach e Plus vun 28 Mio. Euro, respektiv 19 Mio. Euro par rapport zu de Virjore gouf.

D'Recette vum Impôt commercial communal gëtt wéi an de Virjore mat 6 Milliounen am Budget ageschriwwen, esou ewéi se och fir de rektifizéierte Budget 2025 prognostizéiert gëtt. E Chiffer, dee mat Bléck op d'Joren zanter 2022 realistesch schéngt.

Eng eege Recette stellen déi finanziell Retouren duerch eis Escher Taxen a Steieren duer. Dës Recette hält sech stabill a gëtt fir 2026 op 29 Mio. Euro geschat.

Mat Bléck op déi lescht zéng Joren kann ee

feststellen, dass et bei dëser Recette keng bedeitend Evolutioun gouf. Wat och dorop zeréckzeféieren ass, dass et keng bedeitend Upassunge bei den Escher Taxe gouf.

Dat wëll ech op dëser Plaz weeder kritiséieren, weeder a Fro stellen. Mee ech wëll drop hiweisen, well dës Politik nëmme wéineg bis guer net thematiséiert gouf, an nëmme wéineg bis keng Unerkennung kritt huet.

D'Recettë vum ordinäre Budget 2026 enthalen och en neien Emprunt iwwer 48,5 Mio. Euro, ouni deen de Budget net am Ekiliber wär.

Zanter 2021 sinn Emprunten an de jeeweilegen initiale Budgeten ageschriwwen. Dëst aus zwou Ursaachen eraus. Op der enger Säit, well an den éischte Joren nom politesche Wiessel 2017 eng ganz Rëtsch gréisser Infrastrukturprojeten ugefaangen hunn, fir wellech déi déck Rechnungen ab 2022 ze bezuele waren. Op der anerer Säit, well ab 2022 duerch déi verschidde bekannt Krisen et en Abroch bei de Recetten an eng Montée bei de Depensë vun der Stad Esch gouf.

Am Budget 2021 war eng éischt Kéier zanter der Gemenge-Finanzreform en Emprunt vu 24 Mio. Euro ageschriwwen. Ouni en Emprunt ze zéien, wär dësen am initiale Budget 2023 op 125 Mio. Euro geklommen.

D'Ukënnegung, mat dëser Tangente briechen ze wëllen, gëtt gehalen. No engem ageschriwwenen Emprunt 2024 vu 97,5 Mio. Euro an engem ageschriwwenen Emprunt 2025 vun 78,5 Mio. Euro schreiwe mir fir d'Joer 2026 en Emprunt vun 48,5 Mio. Euro an. Den ageschriwwenen Emprunt geet also weiderhin erof. Dat esouguer ëm 30 Mio. Euro.

Positiv ass ze wäerten, dass den ageschriwwenen Emprunt 2026 trotz héijem Invest weider erofgeet. Positiv ass ze wäerten, dass den ageschriwwenen Emprunt 2025 net huet misse geholl ginn. Positiv ass ze wäerten, dass den ageschriwwenen Emprunt 2025 net komplett op d'Joer 2026 muss reportéiert ginn.

Virun allem ass elo awer nach net gesot, dass den ageschriwwenen Emprunt och tatsächlech muss opgeholl ginn. Dëst hänkt vu ganz ville verschiddene Facteuren of.

Wann d'Stad Esch eventuell Scholde mécht, fir heimadder a Wunnraum, Schoulen an a Maison-relaisen ze investéieren, dann ass dat en Invest an dat mënschlecht Wuessen an dat gesellschaftlecht Zesummewuessen.

Fir de fréieren SPD-Kanzler Helmut Schmidt ze zitéieren: „Was Wachstum schafft, darf sehr wohl mit Schulden finanziert werden."

Ech di mech schwéier, bei de Personalkäschte vun enger Depense ze schwätzen, well jidderee vun de Mataarbechterinnen a Mataarbechter en Invest an d'Qualitéit vun de Servicer vun der Stad Esch duerstellt.

Am uerdentleche Budget 2026 sinn an dësem Sënn 157,1 Mio. Euro ageschriwwen, wat 58 % vun allen uerdentlechen Ausgaben ausmécht.

Wann d'Entwécklung an de Virjore bei ëm 10 Mio. Euro loung, dann zitt déi mat dësem Budget op ronn 17 Mio. Euro un. D'Entwécklung erkläert sech ënner anerem mat dem Pronostic vun enger Index-Tranche, Neierungen an de Kollektivverträg an enger Administratioun, déi demographesch formuléiert „altert".

Wann een d'Entwécklung betruecht, da vergläicht ee Konte mat engem Budget. Wuelwëssend dass déi lescht Budgete verschidde Kreatiounen a Besetzunge vu Poste virgesinn haten, déi awer net esou ëmgesat konnte ginn, an awer en Impakt op

de nächste Budget behalen.

A schlussendlech proposéiert de Schäfferot ganz bewosst, am Joer 2026 e puer wichteg Posten ze kreéieren, fir op verschidden Erausfuerderunge vun haut a muer kënnen ze äntweren.

D'Fonctionnementskäschte vun der Administratioun an de Servicer klammen op 38,7 Mio Euro, wat d'selwecht ewéi an der Virjoren eng Entwécklung vun ëm déi 4 Mio. Euro ausmécht.

D'Participatioun an de Syndikater geet dogéint op 17,5 Mio. Euro erof, wat 2,3 Mio. Euro manner sinn ewéi am Rectifié 2025, an/oder esouguer 4,3 Mio. Euro manner sinn ewéi an de Konte 2024. Eng Baisse, déi virun allem op den Apport am TICE zeréckzeféieren ass.

An de leschte Budgeten huet d'Augmentatioun vun den Energiekäschten e besonneschen Drock op d'Gemengefinanzen ausgeüübt. Zanter dësem Joer bleiwen d'Käschte stabill a chiffréiere sech, zesummegerechent, am uerdentleche Budget 2026 op ronn 4,8 Mio. Euro.

Eng lescht Zuel, déi ervirzehiewen ass, si Participatiounen iwwer Konventiounen an d'Subsiden, déi d'Stad Esch un Escher Associatioune weiderleet. Am uerdentleche Budget 2026 maachen dës en Total vu 17,9 Mio. Euro aus; also 2 Mio. Euro méi ewéi nach am rektifizéierte Budget 2025.

Aus den Zuele vum uerdentleche Budget 2026 ergëtt sech dann de méiglechen Invest am ausseruerdentleche Budget 2026.

Fir d'Escherinnen an d'Escher ass et den Zesummenhalt an eiser Stad, deen eis Stad ausmécht a sech am alldeeglechen Zesummeliewen ausdréckt.
38.267 Escherinnen an Escher wëllen a kënne gutt a gären zesumme liewen. D'Stad Esch versteet et als hir Aufgab, d'Plaze fir d'Liewen an d'Zesummeliewen ze schafen an ze gestalten. Dëst geschitt a verschiddene Formen an op verschidde Manéieren.

D'Liewe vun enger Persoun an enger Stad fänkt fir jidderee mam Liewe bei sech doheem un. Dass de Logement eng Prioritéit vu ville Parteien am Gemengerot ass, dréckt sech notamment duerch e grousse Konsens aus, deen oft an de Froe vum Bauen a vum Wunnen hei fonnt gëtt.

D'Stad Esch weist am Moment, dass si wëll a kann en Ënnerscheed maachen, andeems se den Zougang zum abordabele Wunnraum méiglech mécht.

Schonn eleng e Bléck op d'Quartieren, déi nach an der Entwécklung sinn, ënnersträicht d'Engagement vun der Stad Esch, respektiv erkläert, firwat mat geplangten 42 Mio. Euro Invest erëm eng Kéier déi gréisst Part am ausseruerdentleche Budget dem Logement zougestane gëtt.

Op der Rouder Lëns ginn d'Chantiersaarbechte gutt virun an déi éischt 43 Wunnengen am Lot29A wäerte Mäerz 2027 bezéibar sinn. Den ausseruerdentleche Budget 2026 gesäit eng Iwwerweisung vun 12,2 Mio. Euro heifir vir.

Et wäerten op der Rouder Lëns 439 lokativ Wunnenge fir d'Stad Esch entstoen. Eleng dës bedeite méi ewéi eng Verdueblung vun der Unzuel vun de stadeegene Wunnengen.

Eng 7,8 Mio. Euro sinn ageplangt fir d'Aarbechten un de béide Loten, an deenen d'Studente- an d'Seniore-Wunnenge wäerten entstoen. De Lot 6, e Gebai mat 42 Wunnengen, ass eng éischt Kéier an engem Budget erëmzefannen. En Invest vun 12,5 Mio. ass heifir virgesinn.
Eleng dës véier ugeschwat Loten maachen,

no Ofschloss, e viraussichtlech finanziellt Engagement vu ronn 170 Mio. Euro aus.

Awer och d'Entwécklung an den Nonnewisen ass nach laang net ofgeschloss. D'Norëschte vu Kichen a Buedzëmmeren an den Triplexen vum 6N, respektiv vu verschiddenen Haiser am 7N schreiwe mir am Budget 26 mat 3 Mio. Euro an.

D'Aarbechten an den Haiser am 7N wäerte viraussichtlech schonn am Mäerz ofgeschloss ginn. Fir d'Triplexen am 6N gëtt mat engem Ofschloss vun den Aarbechte fir Mee 2026 gerechent.

De Lot 3SE mat 30 neie Wunnengen, déi mir an eise Parc locatif integréieren, steet och virum Ofschloss a wäert am September 2026 bezéibar sinn. D'Part fir d'Acquisitioun, déi d'Stad Esch am Joer 2026 un d'SNHBM iwwerweist, chiffréiert sech op 997.000 €. Mat dem éischten Ekipement wäert de komplette Projet 15,6 Mio. Euro kaschten.

E klengere Projet, dee virun der Fäerdeg-Stellungsteet, sinn déi véier Sozialwunnengen an der Rue de la Fontaine. Fir de Projet, deen am ganzen 1,8 Mio. Euro kascht, si 700.000 € am Budget 2026 ageschriwwen.

Eleng mat dësen dräi genannte Projete wäerten 2026 40 nei abordabel Wunnenge fäerdeggestallt a verlount ginn.

Wat d'Renovatioun vun eisem stadeegene Parc locatif betrëfft, esou ginn ënner anerem d'Aarbechten op de Chantieren am Leesbierg, an der Rue des Remparts, an der Rue du Fossé an Op der Leier gutt virun.

Zesumme mat zwee neie gréissere Renovatiounschantieren, eemol an der Rue Origer an eemol an der Rue de Luxembourg an engem méi generellen Artikel fir d'Mise en norme, sinn am ausseruerdentleche Budget 2026 ronn 2,8 Mio. Euro fir grousser Renovatiounsaarbechte bei eisen eegene Sozialwunnenge ageschriwwen. Am uerdentleche Budget kommen nach eemol ronn 650.000 € fir klenger Aarbechten dobäi.

Mat Stand zu haut wäerte viraussichtlech 15 Logementer am Joer 2026 fäerdeg renovéiert an erëm fir Locatairen disponibel ginn. Mir zielen haut nëmmen nach sechs Wunnengen, an deenen entweder nach net geschafft an/oder fir déi d'Virbereedunge fir de Chantier respektiv d'Etüden nach net ugelaf sinn.

D'Wunnengen op 31, Rue Léon Metz, am Centre Schweitzer, engem Gebai, wat och nach deelweis bewunnt ass, ginn hei getrennt gezielt. Hei gouf et schonn éischt Etüden fir Renovatiounsaarbechten. Etüden, déi elo weidergefouert an ugepasst waërte ginn, woufir eng 300.000 € am Budget virgesi sinn.

Déi national Neierungen, ewéi notamment d'Aféierung vum RENLA, stellen d'Gemenge virun en Challenge. Fir d'Stad Esch gëllt et notamment, d'Dokumentatioun fir all eenzel Sozialwunneng à jour ze setzen an ze komplettéieren. Wëll mir heifir op extern Expertis mussen zeréckgräifen, falen eleng dofir eng 80.000 € un.

Alternativ Wunnformen, deenen eng Plaz an der Stad Esch ze ginn an nei Weeër ze goen, ass e weidert Element vun der aktueller Logementspolitik.

An deem Sënn wëlle mir d'Haiser 21 an 23 an der Groussgaass fir e participative Projet zur Verfügung stellen an en Appell fir Wunnengsbaugruppen oder Genossenschafte lancéieren. D'Encadrement vun dësem neie Wee ass mat 60.000 € am Budget virgesinn.

En änleche Konsens ewéi an der Logements-politik fënnt een och am Beräich vum Enseignement a vun der non-formaler

Bildung. All Member an dësem Gemengerot ass dovunner iwwerzeegt, dass déi 3.274 Escher Schoulkanner, respektiv déi 1.873 Kanner an de Maison-relaisen de beschte Kader fir eng ganzheetlech Entwécklung solle virfannen.

Dass d'Stad Esch dat wëll an och kann, gouf zum Beispill androcksvoll beim Bau an Amenagement vun neie Maison-relaise bewisen. An nëmmen aacht Joer goufe bal 1.000 nei Chaisë réaliséiert.

Och d'Realisatioun vum Generatiounscampus Wobrécken stéisst op Begeeschterung an d'Responsabel vun anere Gemenge kommen dëse Site kucken.

Déi grouss Erausfuerderung besteet awer doran, gläichzäiteg neie Raum ze schafen an deen existenten, oft laang vernoléissegte Raum un déi haiteg Usprréch unzepassen. De Plan de développement des infrastructures scolaires, de PDIS, deen am Mee dëst Joer hei presentéiert gouf, ass heibäi der Stad hire Kompass.

Bei der Renovéierung an dem Amenagement vu bestoende Gebaier stécht am ausseruerdentleche Budget 2026 d'Bruch-Schoul eraus. Fir d'Phas 1 vun der Renovéierung, déi leschte Freideg konnt ageweit ginn, wäerten 2026 nach Rechnungen iwwer eng Millioun ze bezuele sinn. D'Aarbechte vun der zweeter Phase wäerte sech op 9 Mio. Euro chiffréieren.

Fir 1,8 Mio. Euro wëll d'Stad Esch eng Parzell, déi tëscht der Bielesser Strooss an dem Bruch-Schoulhaff läit, opkafen. Dëst fir eventuell eng Vergréisserung vum Schoulhaff an op jiddefall, fir d'Amenagement vun engem neien Accès op de Site ze erméiglechen.

D'Renovatioun vun de Sanitären an der Dellhéicht-Schoul wäerten en totale Coût vun 2,75 Mio. Euro ausmaachen. Am Budget 2026 si 600.000 € fir déi éischt Aarbechten ageschriwwen. Och d'Arbechten iwwer 1,5 Mio. Euro fir d'Neigestaltung vum Brill-Schoulhaff solle starten, woufir 400.000 € ageplangt sinn.

D'Refektioun vun der Membrane d'étanchéité vun der Lallénger Schoul ass mat 250.000 € virgesinn. Esouwuel fir d'Gebai Léon Jouhaux ewéi och fir d'Jean-Jaurès-Schoul solle verschidden Amenagementer gesplangt sinn, déi hëllefen, d'Hëtzt vun de Gebaier besser ofzehalen. Zesumme sinn Adaptatiounen iwwer 400.000 €, dovunner 120.000 an dësem Budget, agesat.

Den uerdentleche Budget gesäit e Montant vu 600.000 € fir weider kleng Renovatiounsaarbechte vir.

Am Kader vum PDIS wäerten Etüde fir Extensioune vun der Groussgaass-Schoul, der Neiduerfer Schoul an der Schoul „Bei de Fliedermais" ausgeschafft, respektiv, well mer schonn Etüden hunn, ugepasst ginn, woufir de Budget 260.000 € virgesäit.

Zanter engem Moment ginn all d'Klassesäll, no an no, mat elektreschen Tafelen ekipéiert, woubäi d'Aarbechten, fir d'elektresch Kabelen ze zéien, bal genee esou vill kaschten ewéi d'Tafele selwer. Fir 2026 sinn 175.000 € hei ageplangt.

Am uerdentleche Budget sinn doriwwer eraus 760.000 € fir pedagogescht Material ageschriwwen, wat 220.000 € méi sinn, ewéi nach 2024 verbucht goufen. Fir Ausflich gëtt de Budget par rapport zu 2024 mat 278.000 € op elo 480.000 € opgestockt.

En essentielle neie Bauprojet ass de Campus, deen op der Rouder Lëns entsteet an e viraussichtlechen totale Coût vun 75 Mio. Euro wäert ausmaachen. Am ausseruerdentleche Budget 2026 sinn Ausgaben iwwer

9,6 Mio. Euro ageplangt.

Wat d'Maison-relaise betrëfft, esou ass een op der leschter Line droite vum Amenagement vun enger neier Maison Relais am N6 an den Nonnewisen. Am Budget sinn heifir 300.000 € ageschriwwen.

An dann ass et de Chantier vun der neier Maison relais am Lallenger Däich, deen elo richteg Faart ophëlt, mat Ausgaben iwwer 7 Mio. Euro am Budget virgesinn.

E Site, wou esouwuel d'Schoulklassen ewéi d'Maison-relais-Gruppen gären zu Gaascht sinn, ass de Centre Jules Schreiner zu Ënsber. Déi verfale Chaleten op der Wiss sollen nächst Joer ofgerappt ginn, wat e Coût iwwer 350.000 € wäert maachen.

Heimat schafe mer an enger éischter Phas op demm Site Plaz, fir ënner anerem déi nei Yourte an eng nei Grillhütt opzestellen. Am ausseruerdentleche Budget 2026 sinn 130.000 € fir klenger Amenagementer ageschriwwen.

An der ganzer Organisatioun vun de Schoulen an de Maison-relaise gëtt eise Schoultransport oft vergiess. D'Acquisitioun vun engem neie Schoulbus beleeft sech op 485.000 €.

E Bléck an de Rapport vum Observatoire social weist, dass d'Stad Esch eng tëscht Jonken, Mid-Ager a Senioren relativ ausgeglachen Demographie kennt. D'Erausfuerderung a gläichzäiteg den Usproch, dee sech heirauser ergëtt, sinn op der enger Säit, de Besoinen an de Wënsch vun alle Generatioune gerecht ze ginn, an op der anerer Säit, Verbindungen tëscht de Generatiounen hierzestellen.

D'Stad Esch wëll a kann d'Zesummeliewen tëscht de Generatiounen mat Plazen, Aktivitéiten a Servicer matgestalten. An déi Plazen, déi engem hei direkt an de Kapp kommen, well een hei all Generatiounen an oft och verschidde Generatiounen zesummen untreffe kann, sinn natierlech eis wonnerschéin Escher Parken.

De Park Gaalgebierg wäert zäitno nees eng Spillplaz kréien, woufir en Ofschloss iwwer 125.000 € am Budget ageschriwwe sinn. Hei bäikommen, op zwee Jore verdeelt, eng 100.000 € fir nei Sëtzbänken. An eng 81.000 € sinn des Weidere fir nei Sëtzbänken am Lavals-Park am Budget ageschriwwen.

D'Käschte fir d'Aarbechte fir de Park Wobrécken chiffréieren sech fir 2026 op 800.000 € a fir de Park Nonnewisen op 600.00 € . Eng nei Spillplaz beim Aérodrome-Gebai ass mat 200.000 € am ausseruerdentleche Budget erëmzefannen. Eng nei Jugendplaz wäert am Clair-Chêne-Bësch amenagéiert ginn. E Credit iwwer 50.000 € erméiglecht dës nei Installatioun.

Et sinn awer virun allem d'Raim, gefëllt mat den Aktivitéiten an den Déngschtleeschtunge vun de Servicer vun der Stad Esch an hire Partenairen, déi alle Generatiounen eng Plaz ginn. Dräi Partnerorganisatioune wéilt ech an dësem Kontext als Beispill nennen. Déi jeeweileg Konventioune fënnt een am uerdentleche Budget erëm.

Am Beräich vun der Enfance an der Famill ass d'Eltereschoul Janusz Korczak e wichtegen Acteur an der Regioun. Iwwer eng Konventioun dréit d'Stad Esch 235.000 € bäi. Dat sinn 110.000 € méi ewéi nach 2024.

Am Beräich vun der Jugend sinn d'Escher Jugendhaus an de Point Info Jeunes wichteg Ulafstellen an Zoulafstellen fir jonk Escherinnen an Escher. Iwwer eng Konventioun dréit d'Stad Esch 541.000 € bäi; dat sinn 140.000 € méi ewéi nach 2024. Am Beräich vun de Seniore bitt de Mozaïque

Club all Joer Honnerten Aktivitéiten géint d'Isolatioun am Alter un. Iwwer eng Konventioun dréit d'Stad Esch 215.000 € bäi; dat si 55.000 € méi ewéi nach 2024.

D'Stad Esch iwwerhëlt zanter Joerzéngten, a méi ewéi keng aner Gemeng an der Regioun, eng bedeitend sozial Responsabilitéit. Mat enger iwwerluechter a strukturéierter Sozialpolitik bidden d'Stad Hëllef a Léisungen un par rapport zu de Suergen an de Schicksalsschléi vun eise Biergerinnen a Bierger, de Leit aus der Regioun an heiansdo esouguer vun iwwerall aus dem Land.

Dat andeems d'Stad Esch sëlleg sozial Acteuren um Terrain accueilléiert an ënnerstëtzt. Dat andeems d'Stad Esch selwer Servicer ubitt, wou dat institutionellt Netz nach Lächer huet. Sozial agéieren ass eeben en Deel vun der Escher DNA. D'Stad Esch huet ëmmer erëm bewisen, dass se dat wëll a kann!

D'Ouverture vum neien AbriSud am Laf vum nächste Joer wäert e bedeitende Jalon an der Escher Sozialpolitik markéieren; an domadder kréien 21 Joer Provisorium en Enn. Am ausseruerdentleche Budget sinn 3,6 Mio. Euro fir den Ofschloss vun dësem wichtege Chantier ageschriwwen.

Et ass nach eng Fro vun de Formalitéiten, wéini mer den neie Restaurant social um Enn vun der Kanalstrooss kënnen aweien. Dësen Invest huet 820.000 € ausgemaach.

De Service Social d'Intervention Urbaine, deen an de leschte Méint komplett nei opgestallt gouf, kritt fir e Coût vun 200.000 € nei Raimlechkeeten op der Place St. Michel amenagéiert.

Wann de Service Logement bis seng nei Lokalitéiten an der Rue des Artisans bezunn huet, en Amenagement, dat mat 240.000 € ageplangt ass, wäert den Office social dës Büroen an der Maison sociale iwwerhuelen. Heifir si baulech Upassungen iwwer 150.000 € am ausseruerdentleche Budget ageschriwwen.

D'Depensen am Office social gi fir 2026 op 4,6 Mio. Euro chiffréiert, wat eng Augmentatioun vun 1,6 Mio. Euro par rapport zu de Konte vun 2024 duerstellt. D'Participatioun vun der Stad Esch wäert op 1,9 Mio. Euro duersteieren.

D'Allocation de vie chère, déi un d'Escher Biergerinnen a Bierger am Besoin ausbezuelt gëtt, ass mat 1,9 Mio. Euro am uerdentleche Budget ageschriwwen, wat eng hallef Millioun méi ewéi nach 2024 ausmécht.

Déi uerdentlech finanziell Participatioun vun der Stad bei Aarbechtsmesurë chiffréiert sech op 2,1 Mio. Euro. D'Konventioune mat weidere sozialen Institutioune maache ronn 1,3 Mio. Euro aus.

En Domaine, an deem d'Stad Esch, wann och éischter indirekt, schonn ëmmer en Acteur war, ass den Domaine vun der Santé publique.

Wann d'Kreatioun vun engem Service vun der Santé communautaire eréischt am zweeten Deel vun der Mandatsperiod virgesinn ass, wëll a kann d'Stad Esch awer och schonn 2026 weider Akzenter setzen. Zesumme mam Centre Hospitalier Emile Mayrisch soll, fir e puer Deeg virun der Summervakanz, en Duerf vun der Gesondheet op der Stadhausplaz entstoen.

Verschidde Méiglechkeete vun Depistage wäerte sur place ugebuede ginn. D'Organisatioun heifir leeft an dësen Deeg un, an ausser de Käschte fir verschidden technesch Installatiounen ass kee besonneschen Artikel heifir ageplangt.
Duerch seng Geschicht a seng Identitéit

stoung d'Stad Esch ëmmer op der Säit vun de Mënschen, déi Haass, Ausgrenzung an Diskriminatioun fäerte mussen a leider och nach erliewe mussen. D'Stad Esch war an ass e Virreider an der Egalitéitpolitik. Dat wëll a kann d'Stad Esch och weiderhi bleiwen!

D'Suite vun den Aarbechte fir de Projet-phare vun der Maison de la Diversité si mat 2,5 Mio. Euro am ausseruerdentleche Budget chiffréiert. D'Ouverture soll 2027 gefeiert ginn.

Eng 300.000 € sinn am uerdentleche Budget fir Aktivitéiten ageschriwwen. Dobäi kommen 125.000 € fir d'Konventioun mat Rosa Lëtzebuerg fir d'Pride 2026.

Déi grouss Majoritéit heibannen hofft, dass d'Stad Esch d'Doheem vum Pride-Street-Fest bleift. Als éischt a laang eenzeg Reebou-Stad am Land, als déi Lëtzebuerger Stad vun de Mënscherechter a vum Zesummeliewen géing dat och nëmme Sënn maachen.

D'Egalitéit tëscht de Communautéiten ze promouvéieren, ass wichteg a richteg. D'Sécherheet vu verschiddene Communautéiten aktiv mat ze assuréiere genee esou. Mat 75.000 € solle verschidde Sécherheetsvirriichtungen an der Synagog finanzéiert ginn.

Doriwwer eraus ass et e seriöt Uleies vun der Stad Esch, sech méi sécher a méi resilient zum Gudde vun allen Escherinnen an Escher opzestellen.

Eng vu ville Mesuren am Plan local de Sécurité, deen am Moment an der Phas vun der Tëschenevaluatioun ass, bleift natierlech d'Installatioun vu Sécherheetskameraen op verschiddene Plazen an Esch.

Mëtt 2026 wäerten d'Kamerae ronderëm d'Gare installéiert sinn, woufir 700.000 € am ausseruerdentleche Budget ageschriwwe sinn. No Gespréicher mam Inneministère an der Police wäerten d'Evaluatioune fir eventuell weider Installatiounen op weidere Plazen och deemnächst prett sinn.

Den Chief Resilience Officer, den Délégué fir d'Protection des Données an d'Cellule Sécurité hu mëttlerweil d'Gebai am Faubourg bezunn. Déi verschidden Acteuren, deenen hir Kompetenzen sech deelweis iwwerschneiden, wäerten hei raimlech a konzeptuell zesummeschaffen.

En Amenagement vun de Raimlechkeeten, an notamment d'Integréierung vun engem Centre de Crise, si mat engem éichte Credit iwwer 100.000 € am ausseruerdentleche Budget virgesinn.

Et fanne sech doriwwer eraus, queesch duerch de komplette Budget, verschidden Artikelen erëm, déi d'Resultater vun den éischten konzeptuellen Aarbechten punkto Resilienz sinn. E Beispill ass e Kreditt iwwer 65.000 €, deen ageplangt, ass fir den informatesche Reseau vun de Circulatiounsinfrastrukture vum informatesche Reseau vun der Stad Esch ze trennen.

D'Stad Esch bitt senge Biergerinnen a Bierger an och de Mënschen, déi gär bei eis an d'Stad kommen, Plazen, wou se eis Stad eleng, zesumme mat der Famill, mat Frënn oder an de sëllege Veräiner ëmmer erëm kënnen erliewen.

Dëst Erliewe vun an an der Stad Esch ënnerscheet eis vu villen Uertschaften am Land an an der Groussregioun. Esch ass keng Schlofgemeng, Esch wëll a kann een erliewen.

Dass mir Escherinnen an Escher Kultur wëllen a kënne liewen, dat stelle mir och no eisem Joer als Europäesch Kulturhaptstad dagdeeglech erëm ënner Beweis. D'Stad Esch huet haut eng Kulturzeen, déi eng Alternativ

op Aenhéicht zu der Stad Lëtzebuerg an anere Stied an der Groussregioun duerstellt.

D'Fundament vun dëser Escher Zeen bilden eis stättesch Kulturinstitutiounen. An dësem Joer wéilt ech eisen Escher Conservatoire als éischt nennen, well dësen am Joer 2026 säin 100. Anniversaire feiert. Déi éischt musikalesch Feierlechkeete wäerte schonn am Januar ulafen a weiderer wäerte sech iwwer dat ganzt Joer zéien.

Feierlechkeeten, déi esouwuel am aktuelle Conservatoire ewéi awer och ausserhalb, an am Partenariat mat anere kulturellen Acteure wäerte gefeiert ginn. Am uerdentleche Budget si 500.000 € heifir ageschriwwen.

Kiischten um Gebuertsdagskuch fir déi ronn 1.200 Schülerinnen a Schüler an 98 Leit Personal wäerten et der méi ginn. Verschidden Aarbechten, déi Retard kruten, ewéi zum Beispill eng nei Beliichtung fir den Auditoire fir 270.000 €, wäerten ëmgesat ginn.

D'Fënstere wäerte fir e Montant vun 180.000 € ersat ginn an déi éischt gréisser Aarbechten am ARBED-Mines-Gebai, dem zäitgläich zukünftegen Doheem vun den Archive vun der Stad Esch an der Erweiderung vum Escher Conservatoire, wäerte richteg starten. Aarbechten, déi fir 2026 mat 1,5 Mio. Euro chiffréiert sinn.

Awer och eis aner Haiser ginn net vergiess. D'Aarbechten an der Konschthal, déi esouwuel mat Wierker vu renomméierte Kënschtler ewéi vu groussen Talenter vill Visiteuren an dat fréiert Miwwelgeschäft zitt, wäerte mat enger Tranche vun 2 Mio. Euro an eng definitiv Phas goen.

D'Installatioun vun der neier Sonorisatioun an enger neier, méi ëmwëltfrëndlecher Heizung, stellen Invester iwwer ronn 340.000 € am Theater duer. Den neien Daach fir d'Galerie Schlassgoart wäert 500.000 € kaschten. Den Etüden-Artikel fir d'Renovéierung vun der Kulturfabrik beleeft sech fir 2026 op 900.000 €.

E klengen neie Projet soll d'Installatioun vun engem Espace Hip-Hop sinn. Heifir sinn am uerdentlechen an ausseruerdentlech Budget zesumme ronn 85.000 € ageschriwwen.

Wat d'Escher Kultur awer méi präägt ewéi baulech Invester, sinn natierlech d'Kënschtlerinnen an d'Kënschtler, déi eis Haiser, mee och eisen ëffentleche Raum mat hire Wierke beliewen.

Ouni d'Personal matzerechnen, an no Ofzuch vun de Recetten duerch ënner anerem d'Billetsverkeef, ergëtt sech fir den Theater e Budget vu 2,6 Mio. Euro. Der Konschthal an dem Bridderhaus sti ronn 2,3 Mio. Euro zur Verfügung.

D'Participatioun vun der Stad Esch bei der Kulturfabrik beleeft sech op ronn 1,7 Mio. Euro, e Plus vu méi ewéi 600.000 € par rapport zum Kulturjoer. D'Participatioun beim Musée national de la Résistance et des Droits humains beleeft sech op 766.000 € , e Plus vun 226.000 € méi ewéi nach 2022.

Et war eng wichteg an eng richteg Decisioun, fir d'FrEsch asbl vun der Escher Politik ze entbannen. Dëst well der FrEsch asbl eng aner Maturitéit an der Kulturzeen zougestane ka ginn.

Der FrEsch asbl stellt d'Stad Esch fir 2026 eng Participatioun vu 4,6 Mio. Euro zur Verfügung. Dës Augmentatioun ass mat der Organisatioun vun zwou Escher Kulturnuechten, richtegen Highlights fir jiddereen am Kulturkalenner, begrënnt esouwéi enger neier Collaboratioun mat dem Festival Constellations vu Metz. E richtegen Highlight am Kulturkalenner vun

der Groussregioun.

An da ginn och scho Suen ageplangt fir d'Preparatioune vun engem gréisseren Event, dat 2027 stattfanne wäert. 2027, dat Joer an deem mir de fënneften Anniversaire vum Titel vun der Europäescher Kulturhaptstad wäerte feieren.

Och de Kulturservice preparéiert sech mat engem uerdentleche Kreditt iwwer 437.000 € op dat Joer 2027, fir eng nei Editioun vum Skulpturewee ze gestalten.

Bleiwen déi finanziell Participatiounen iwwer Konventioun oder Subside fir Konschtveräiner oder fir Konschtprojeten. Ronn 1,2 Mio. Euro ginn iwwer Konventioun ausbezuelt. Heirënner falen och déi nei Konventioune mat eisen dräi Municipallen.

Nei dobäi och eng Konventioun iwwer 200.000 mat der neier Culture Forest Festival ASBL. 280.000 € sinn fir eng finanziell Participatioun iwwer de Wee vun de Cartes blanches am uerdentleche Budget virgesinn.

Wann d'Escher Kultur rifft, da kommen d'Mënschen aus dem ganze Land an aus der Groussregioun bei eis op Besuch. D'Stad Esch wëll a kann och soss am Beräich vum Tourismus fir sech begeeschteren. Ënner anerem och mat senger Architektur, mat senger industrieller Geschicht an natierlech mat senger Natur.

Op grouss Begeeschterung ass d'Presentatioun vum neien Amenagement vum Camping um Gaalgebierg gestouss. E Credit iwwer 3 Mio. Euro ass fir 2026 am ausseruerdentleche Budget ageschriwwen. De Gesamtprojet gëtt op 12,5 Mio. Euro chiffréiert.

Zäitgläich mat der Ëmgestaltung vum Camping start d'Stad Esch och den Ausbau vun eise beléifte Bamhaiser, déi eleng 625 Iwwernuechtungen am Joer 2024 gezielt hunn. Fir 2026 beleeft de Kreditt sech op 750.00 €; den Invest fir de komplette Projet gëtt op ronn 4,2 Mio. Euro geschat.

D'Käschte fir verschidde weider Aarbechten am Déierepark chiffréiere sech fir 2026 op 745.000 €.

Et gin sech och Gedanken iwwer eng Rei méi ludique Attraktioun fir de Gaalgebierg gemaach. Heifir sinn 125.000 € am ausseruerdentleche Budget fir Etüden ageschriwwen.

Nieft de schéine Plazen, déi mär ubidden, gëllt et natierlech, d'Stad mat flotten Aktivitéiten an Evenementer ze beliewen an d'Leit heiriwwer ze informéieren. Grad hei ginn et natierlech sëlleg Iwwerschneidunge mat de Projeten aus dem Développement économique.

Mam groussen ekonomeschen Opschwong krut d'Stad Esch den Titel vun der Minett-Metropol. Metropol, well hei an der Aarbechterstad de Wuelstand vum Land erschafft gouf. Metropol awer och, well d'Leit aus der Regioun heihinner an d'Akafstad akafe komm sinn.

A grad dem Titel Akafstad gi mer Schrëtt fir Schrëtt erëm ëmmer méi gerecht. D'Stad Esch weist grad op en Neits, dass si wëll a kann eng Stad vum liewege Commerce sinn.

Dat grousst neit Engagement fir d'Escher Geschäftswelt, wat dës Majoritéit zanter 2018 entstoe gelooss huet, dréit haut seng Friichten. Wärend déi national Moyenne vum Leerstand vu Geschäftsfläche bei iwwer 16 % steet, ass de Prozentsatz zu Esch op 11,5 % erofgaangen.

Natierlech gëllt et elo, den Trend weider ze

notzen. An dat wëll an dat kann d'Stad Esch. Dat geet ënner anerem mat verschiddene Subside fir d'Propriétäre vu Geschäftsflächen an d'Initiateure vu Geschäftsiddien. Dës maachen 320.000 € am uerdentleche Budget aus.

Ronn 550.000 € si fir de Marketing vun touristescher an der kommerzieller Offer, ewéi vun de Evenementer a Fester virgesinn. 310.000 € stinn 2026 fir punktuell Evenementer an/oder Animatiounen zur Verfügung. Heidrënner falen zum Beispill d'Braderien.

620.000 € sinn ageplangt fir Evenementer, déi sech iwwer eng länger Zäit zéien. Dëst sinn zum Beispill d'Kiermessen, de Chrëschtmaart awer och d'Festivitéite fir Nationalfeierdag.

2026 wäert de Chrëschtmaart eng nei Entrée mat passender Beliichtung kréien, woufir 45.000 € am ausseruerdentleche Budget ageschriwwe sinn. Mat den Acquisitioune vun engem eegene Peki-Won an enger eegener Sanitär-Remorque fir zesummen 90.000 € , soll den Escher Veräiner d'Méiglechkeet gi ginn, reegelméisseg um Escher Maart oder bei aneren Evenementer dobäi ze sinn.

Den Titel vun der Europäescher Sportstad 2025 huet ënnerstrach, dass mir Escherinnen an Escher Sport wëllen a kënne liewen. Dëst zu deene verschiddene Momenter an op deene verschiddensten Niveauen, vum Fräizäitsport bis an der Europäescher Kompetitioun.

An der Suite vun de viregte Budgete soll den Invest de Veräiner an der benevoller Aarbecht, déi dagdeeglech hei geleescht gëtt, zeguttkommen.

Eng zwielef Sportsveräiner hunn dëst Joer hiert neit Doheem, den COHS 3, däerfe bewonneren an eng éischte Kéier notzen. De kompletten Invest an dëse Centre sportif, bestoend aus zwou Halen, zwanzeg Büroen, zwee Reuniounssäll, engem Raum fir de Médico an d'Schoulmedizinn, engem Boxsall, zwee multifunktionelle Säll, engem Fitnessraum, engem Outdoorfitness, enger Klammwand, enger Brasserie an zwou Spillplaze, chiffréiert sech op e kompletten Invest vu 56,2 Mio. Euro.

Am ausseruerdentleche Budget 2026 si 7 Mio. Euro heivun ageschriwwen, fir de Projet ofzeschléissen.

E bedeitenden Invest iwwer geschat 9,5 Mio. Euro, dovunner 1,5 Mio. Euro am Joer 2026, sinn de Bau vun enger neier Tribün an der Haapthal an d'Renovatiounen am COHS1 an 2.

Dës nei Tribün, déi op der Plaz vum aktuelle Stockage gebaut gëtt, wäert eng zousätzlech 202 Sëtzplazen, sechs Rollstullplazen, 60 Stéiplazen an zwee Versammlungsraim schafen.

Zesumme mat engem Invest an déi aktuell Tribün, deen am ausseruerdentlech Budget mat 400.000 € agesat ass, soll hei en Arena-Charakter entstoen.

Eng weider 150.000 € si fir nei Trennungsrideauen am COHS2 ageschriwwen. Et gëtt och weiderhin a verschidden Baussenanlagen investéiert. Leider hunn d'Aarbechte vun der neier Lafpist am Stade Emile Mayrisch e klenge Retard kritt, esou dass den Haaptinvest iwwer 1,4 Mio. Euro an den ausseruerdentleche Budget 2026 muss reportéiert ginn.

D'Installatioun vun engem neie Formatiounssall op der Grenz, deen och als Buvette genotzt ka ginn, geet virun. Eng Ausgab vu 464.000 € ass ageplangt. Eng Annex un dës nei Installatioun, déi ënner anerem och als Muséeraum genotzt kéint

ginn, fënnt sech mat 433.000 € am Budget erëm. Eng nei Clotûre ronderëm den Terrain wäert 175.000 € kaschten.

Op den Terrainen op Lankëlz gëtt en Invest an d'Vestiairë batter néideg. En éischte Credit iwwer 335.000 € ass am ausseruerdentlech Budget erëmzefannen. Déi komplett Käschte ginn op 995.000 € geschat.

Fir den Trainingszentrum an der Hiehl ass en Etüdenartikel iwwer 250.000 € ageschriwwen.

Och wann fir de Centre National de Tennis den ausseruerdentleche Budget virun allem mol en Etüdenartikel iwwer ronn eng Millioun virgesäit, däerf een net gleewen, dass et hei net viru geet. Aktuell gëtt ëmmerhi schonn gekläert, wéi een d'Ubannung un de Chantier beschtméiglech kann organiséieren.

Ëmmer erëmzefannen an den nationale Palmarèssen ass de Club Boule Pétanque Riganelli. Eng Mise en conformité vun hiren Installatioun ass néideg, woufir en éischte Credit iwwer 150.000 € virgesinn ass. De kompletten Invest gëtt op 458.000 € geschat.

Schlussendlech sollen och d'Fräizäitsportler weider am ëffentleche Raum Plaze kréien, fir hirer Fitnessaktivitéit nozegoen. Esou sinn zwou ëffentlech Fitnessinstallatiounen, eng am Parc Gaalgebierg an eng bei der Spillplaz um Bruch, mat engem Kreditt iwwer 250.000 € fir dat nächst Joer ageschriwwen.

Eng aner essentiell Plaz vum Fräizäitsport ass d'Escher Schwämm. Ëmmerhi sinn 118.372 Leit am Joer 2024 heihinner schwamme komm.

Fir 2026 ass en Invest iwwer 432.000 € an dës sportlech Institutioun, déi dëst Joer hire 75. Anniversaire gefeiert huet, virgesinn. Den Haaptkäschtepunkt iwwer 140.000 € wäert en neien Tableau fir den Traitement vum Waasser ausmaachen.

Et sinn am uerdentleche Budget direkt Subsiden un d'Sportsveräiner iwwer 213.000 € virgesinn. Dëst ass méi ewéi eng Verdueblung par rapport zu de Subside vu virun der Reform vun 2023.

Heibäi wéilt ech déi indirekt Subsiden un d'Sportsveräiner dobäi rechnen. Heirënner verstinn ech déi uerdentlech Ausgabe fir d'Bedreiwen an den Entretien vun eise Sportinfrastrukturen. Dësen indirekte Subsid chiffréiert sech fir 2026 op ronn 1,6 Mio. Euro fir 2026.

Ëmmer erëm invitéiert d'Stad Esch hir Frënn, fir Partnerschafte kënnen ze fleegen. Ganz konkreet denken ech hei un eis jumeléiert Partnerstied, awer och un d'Gemengen an der franséischer Grenzregioun. Den uerdentleche Budget gesäit eng 37.000 € fir den Accueil an d'Organisatioun vu Versammlungen, Konferenzen a Colloquë mat eise Frënn vir.

Et gëllt och, eis Escher Veräiner ze encouragéieren, fir eis Partnerstied ze besichen. Ewéi am Virjoer stellt d'Stad Esch och 2026 Subsiden iwwer 10.000 € heifir zur Verfügung.

D'Erausfuerderungen, deene mär eis als Stad Esch schonn haut an an den nächste Jore stellen, ginn net méi kleng. D'Stad Esch weess ,sech net nëmmen den Erausfuerderungen ze stellen, mee ka se esouguer iwwerwannen.

Virausgesat, et gräift een op d'Haaptressource vun eiser Communautéit zeréck. Nämlech d'Awunnerinnen a Awunner, déi mat hiren Iddien, Iwwerleeungen an Initiative wëllen a kënnen dës Stad zesumme gestalten.

D'Joer 2026 steet am Zeeche vun der Participatioun. An der éischter Assemblée citoyenne sollen am Fréijoer vun den

Escherinnen an Escher Äntwerten op d'Fro formuléiert ginn, wéi eng eng raimlech an institutionnel Plazen d'Stad Esch brauch, fir besser zesummenzewuessen. D'Organisatioun vun dëser Assemblée ass mat engem finanziellen Engagement iwwer 350.000 € verbonnen.

250.000 € wäerten den Escherinnen an Escher am Kader vum Budget participatif zur Verfügung gestallt ginn. No engem Opruff soll iwwer déi beschte Proposen aus der Populatioun diskutéiert an ofgestëmmt ginn. D'Organisatioun an d'Bedeelegung vum partizipative Prozess kascht d'Stad Esch 70.000 € .

Net chiffréiert, awer um gudde Wee, ass d'Initiativ, déi an der Jugendkommissioun ausgeschafft gouf a schonn 2026 soll ëmgesat ginn: en éischten Escher Jugendgemengerot.

Dass d'Biergerinnen an d'Bierger mat hirer Participatioun gréisser urbanistesch Projeten net nëmme begleeden, mee opwäerte wëllen a kënnen, huet sech esouwuel bei de Foren zu der Rouder Lëns ewéi am Zukunftsrot fir d'Metzeschmelz bis elo bewisen.

Och bei de gréissere Projeten, déi an der Stadentwécklung ustinn, sollen d'Escherinnen an d'Escher méi ewéi nëmmen informéiert ginn. Tatsächlech schaffen d'Servicer vun der Stad grad un éischte PAG-Modifikatiounsproposen. Eleng den ausseruerdentleche Budget 2026 gesäit 375.000 € vir, fir dës Propose weider ze entwéckelen.

Zu dësem Prozess gehéiert och, dass d'Dossiere vun der Police des bâtisses sollen numeriséiert ginn, fir op der enger Säit den Archiven ze erhalen an op der anerer Säit den Zougréff heirobber ze vereinfachen. E Credit vun 120.000 € erméiglecht dës Aarbechten.
Reegelméisseg ginn der Stad Esch verschidden Terrainen oder Immeubelen an der Vente ugebueden. Wann eng Parzell mat Bléck op d'urbanistesch Entwécklung fir d'Stad interessant ka sinn, soll och d'Méiglechkeet vun enger Acquisitioun bestoen. Heifir ginn eng éischt 900.000 € an den ausseruerdentleche Budget ageschriwwen.

Wann d'Stad Esch an deenen nächste Joren op verschiddene Plazen an d'Héicht an an d'Breet wiisst, da geschitt dat parallell mat enger Entwécklung vun neien Infrastrukturen an enger Ubannung un a Verbesserung vun de bestoenden Infrastrukturen.

D'Erneierung an den Ausbau vun den Escher Stroossen, der Stroossebeliichtung, de Reseauen an der Kanalisatioun geschitt an der Kombinatioun mat verschiddenen Aspekter vun der Mobilitéit bis bei d'Resilienz. Den ausseruerdentleche Budget 2026 gesäit en Invest iwwer ronn 30 Mio. Euro an d'Infrastrukture vir.

Ewéi an de Virjore gesäit den ausseruerdentleche Budget eng Enveloppe fir Infrastrukturaarbechte vir. A vun den Escher Stroossen. Eng Enveloppe, déi 2 Mio. Euro ausmécht.

Esoubal en Devis fir eng Aarbecht an enger Strooss am Gemengerot gestëmmt gëtt, gëtt dann och de passenden Artikel an de Budget ageschriwwen. Esou si keng nei Stroossen, mee all d'Stroossen, an deenen aktuell geschafft oder woufir de Chantier preparéiert gëtt, eenzel am ausseruerdentleche Budget opgezielt.

Dëst sinn ënner anerem d'Rue des Acacias, d'Rue Churchill, den Dieswee, Rue de l'Église, d'Rue Fandel, d'Rue d'Hoferlin, d'Rue du Moulin, d'Rue Petit oder d'Rue Wurth-Paquet. Eleng déi verschidden Aarbechten an dëse Stroossen maachen am ausseruerdentleche

Budget 2026 eng 17,9 Mio. Euro aus.

D'Enveloppe fir d'Infrastrukturen am Süddeel vun den Nonnewisen ass mat 440.000 € am Budget ageschriwwen. Den Entretien an Ausbau vum elektresche Réseau bedeit fir d'Stad Esch en alljärlechen Invest vun ëm déi 5 Mio. Euro, deen un d'Societéit Sudstroum rembourséiert gëtt.

De Bau vum Waasserreservoir um Gaalgebierg kënnt a seng lescht Phas, woufir den ausseruerdentleche Budget de Montant vun 3,8 Mio. Euro virgesäit. De komplette Bau gëtt op Käschte vun 13,5 Mio. Euro berechent. En essentiellen Invest an d'Resilienz vun eiser Stad.

Et interesséiert d'Escherinnen an d'Escher, ewéi si sech duerch hir Stad fortbeweege kënnen. Et interesséiert si, well och kleng Ännerungen, zum Beispill bei de Verkéiersreglementer, en direkten Impakt op hiren Alldag kënnen hunn.

D'Gestaltung vun der Mobilitéit geschitt net liichtfankeg. D'Gestaltung vun der Mobilitéit baut op Expertisen op, déi sech ënner anerem an e legale Kader afüügt. D'Stad Esch wëll a kann d'Mobilitéit an an duerch eis Stad gestalten a promouvéieren, déi am Sënn vun allen Acteuren ass.

Déi grouss Majoritéit an dëser Ronn ass sech eens, dass de Passage vum Auto op déi duuss Mobilitéit an op den ëffentlechen Transport essentiell ass. Eng 145.000 € si spezifesch am ausseruerdentleche Budget fir d'Sécherheet vum Foussgänger ageschriwwen.

Op Base vun de Missing-Links-Etüde stellt de Budget 400.000 € bereet, fir déi feelend Stécker tëscht de Vëlosweeër mateneen ze verbannen. De Vëloswee tëscht dem Dieswee an der Hiehl wäert och Realitéit ginn. Nodeems déi éischt Démarchen ugelaf sinn, gesäit de Budget 415.000 € fir déi weider Aarbechte vir.

De Bus bitt an eiser Stad eng reell Alternativ zum Auto. Verschidden Neierunge beim TICE hunn och en Impakt op de Budget vun der Stad Esch. Esou geet zum Beispill d'Participatioun, déi d'Stad ze leeschten huet, däitlech erof a chiffréiert sech nach op 3,1 Mio. Euro am Joer 2026, amplaz 6,3 Mio. Euro am Joer 2024.

Och de Präis vum Citybus, deen d'Stad Esch elo selwer garantéiert, geet däitlech erof, vun 1,3 Mio. Euro op nach 800.000 €. Am ganze bitt d'Stad Esch siwe verschidde Busofferen un, wat am uerdentleche Budget ronn 1,9 Mio. Euro ausmécht. 267.000 € gesäit den ausseruerdentleche Budget fir Verbesserunge bei de Busarrêtë vir.

Natierlech bleift awer och den Auto en Element am Verkéier. Hei ass et den Usproch vun der Stad, fir de Flux vun den Autoen duerch verschidde Leitsystemer besser wëllen a kënnen ze gestalten.

An dëser Logik huet d'Stad Esch direkt zwee Projete beim Appel fir Smart-City-Projeten ofginn. Als éischt de Projet fir d'Mise en place vun engem System, deen iwwer ganz Esch d'Verkéiersfluxen kann opzielen, an en zweete méi spezifesche Projet fir e Park-Leitsystem fir bei eis gréng Erhuelungsgebidder. Am ausseruerdentleche Budget sinn 300.000 € fir dës Projeten ageschriwwen.

40.000 € ginn an d'Erneierung vun der Optik vum generelle Parkleitsystem investéiert, 280.000 € fir d'Erweiderung vum Parkleitsystem ronderëm de COHS, a 50.000 € dénge fir d'Digitaliséierung vum Parking résidentiel.

Den Ersatzparking gëtt néideg, wann de Parking op der Grenz wéinst den Aarbechten op der Rouder Lëns net méi ka genotzt ginn. Fir

e Kompensatiouns-Parking si 750.000 € am Budget virgesinn, genee ewéi och 700.000 € fir de Renouvellement vum Parking op der Place de l'Exposition.

Iwwer Joren huet d'Stad Esch reegelméisseg no de Stäre gegraff an d'Climate Stars Awards gesammelt. Haut sammelt d'Stad Esch Punkten. De Sëlwer-Status am Naturpakt an esouguer de Gold-Status am Klima-Pakt wollt a konnt d'Stad Esch erreechen, wat eng grouss Unerkennung un eis Leeschtungen am Ëmwelt- a Klimaschutz duerstellt. Heiraus ergëtt sech och eng finanziell Unerkennung iwwer 553.00 €, déi am uerdentleche Budget erëmzefanne sinn.

Mat der Renaturéierung vun de Flëss a Baache bréngt d'Stad Esch erëm d'Natur an hirer purer Form an den urbane Raum. Fir d'Suite vun der Renaturéierung vun der Uelzecht am „Pudel" gesäit den ausseruerdentleche Budget 500.000 € vir.

Eng 419.000 €, dorënner de gréissten Deel fir Etüden, si fir d'Suite vun der Renaturéierung vun der Dipbech ageplangt.

Iwwer verschidde Subsiden encouragéiere mer d'Escherinnen an d'Escher, de méi ëmweltfrëndleche Wee matzegoen, woufir 123.000 € am uerdentleche Budget virgesi sinn. Dat ass bal dat Duebelt par rapport zu de Konten 2024.

Fir d'Escherinnen an d'Escher ënner anerem op dës Subsiden hinzeweisen, awer och fir méi allgemeng mat Aktiounen a Publikatioune fir de Sujet ze sensibiliséieren, sinn 250.000 € virgesinn. Dat ass dat Duebelt par rapport zu de Konten 2024.

Déi finanziell Participatioun un Initiativen aus der Zivillgesellschaft belafe sech op 810.000 €. Eng nei Konventioun mam „Haus vum Vëlo" mécht hei e bedeitenden Ënnerscheed zum Virjoer aus.

Op der Plaz gëllt et och de finanziellen Apport vun der Stad Esch beim ProSud ze nennen. De Syndikat, deen entre-temps den Ëmweltgedanke fest an de regionalen Amenagement du territoire an an all gemengegrenziwwergräifende Projet integréiert huet. Dëse chiffréiert sech fir 2026 op 170.000 €.

Virun dräi Joer huet d'Stad Esch, am Numm vun den Escherinnen an Escher, e grousst Versprieche formuléiert: Nämlech zesumme mat de Gemengen aus dem ProSud bis 2050 komplett klimaneutral ze ginn.

Heimat huet d'Stad Esch ausgedréckt, dass si wëll an dass si kann, mat moderne Projeten an innovative Partner, eng Leedungsroll an der Transitioun op déi propper Energien iwwerhuelen.

Wichteg Acteure sinn hei béid Energie-Societéiten, vun deenen d'Stad Esch jeeweils Haaptaktionär ass. Esouwuel d'Sudenergie ewéi d'Sudstroum entwéckelen zanter Joren nei Projeten, fir entweeder erneierbar Energie ze schafen an/oder den Zougang zu erneierbarer Energie ze vereinfachen.

D'Sudstroum setzt heibäi de Fokus op déi dichtbebaute Stad Esch, d'Sudenergie kann hirersäits op eng gemengeniwwergräifend Zesummenaarbecht opbauen.

Esou huet d'Sudstroum 2025 Solaranlage fir eng Produktioun vun zousätzleche 500 MW/h installéiert an d'Sudenergie hirersäits eng Produktioun vun 2.000 MW/h. D'Sudsolar, eng Societéit, vun där d'Sudstroum 100 % Actionnaire ass a PV-Anlagen ausserhalb vun der Stad Esch opstellt, huet Anlage fir weider 2.500 MW/h installéiert. Alles zesumme kéint ee mat all dësen neien Installatiounen de Stroum fir ëm déi 1.500 Stéit liwweren.
Zesumme plange béid Societéiten nach

fir d'nächst Joer weider PV-Anlage fir eng Produktioun vun ëm déi 1.400 MW/h wäert ausmaachen.

Och wann zu Esch mam aktuelle Stand keng Eoliennen opgestallt kënne ginn, bedeelegt sech d'Sudenergie bei der Sudwand, déi 2025 zwou Eoliennen opgestallt huet a fir 2026 eng nei plangt. Zesumme produzéieren déi Stroum fir 5.000 Menagen.

Der Sudstroum hir Prioritéit besteet am Zougang zu propperem Stroum. Nächst Joer sollen 38 nei Luedepunkten an Esch opgestallt ginn an zwee Solarcarporten gebaut ginn.

Der Stad Esch falen d'Dividenden an de Benefice vun de Societéiten zeréck, déi am uerdentleche Budget mat 1,5 Mio. Euro ageschriwwe sinn.

De Projet solar.esch, huet ageschloen: 144 eligibel Demandë fir Balkon-Kraaftwierker sinn erakomm an de Projet wäert weidergefouert ginn. Fir d'Stad Esch ass dat verbonnen mat engem finanziellen Engagement am Joer 2026 vun 250.000 €.

E Projet, deen d'Stad Esch näischt kascht huet, awer hei ze ernimmen ass, war d'Participatioun beim Intelligent City Challenge. Op Initiative vun der Stad a mat Participatioun vun der Europäescher Kommissioun huet ArcelorMittal eng Solaranlag installéiert, déi 2,3 MWp generéiere kann.

Et gëllt awer net nëmmen, nei propper Energie-Quellen ze schafen. D'Stad Esch wëll a kann och Energie aspueren. Zanter Joeren gesäit den uerdentleche Budget Montante fir energeetesch Renovatiounen an Adaptatioune vir. Ab dem nächste Joer soll e Monitoring an de Gebaier en place gesat ginn, woufir 50.000 € am ausseruerdentleche Budget ageschriwwe sinn.
Am Kader vum Smart-City-Projet-Opruff vun der Regierung wëll d'Stad Esch en informateschen Outil entwéckelen a mat de Gemengegebaier verbannen, fir eng besser energeetesch Gestioun ze garantéieren. Heifir si 70.000 € virgesinn.

E klengere Projet am ausseruerdentleche Budget stellt d'Integratioun vu sougenannten Energy-Manageren an d'Systemer vun de Schwämmen duer. Eng 65.000 € sinn heifir ageplangt.

E schéint Engagement, dat iwwer Joerzéngten vun engagéierten Escherinnen an Escher gelieft gouf, war de benevollen Asaz fir den Déiereschutz an d'Féierung vum Escher Déierenasyl. Well d'Usprëch un déi dagdeeglech Gerance vun esou enger Institutioun awer wäit iwwer dat, wat am Benevolat geleescht ka ginn, eraus geet, wäert d'Stad Esch d'Déierenasyl an den nächste Méint a seng Servicer integréieren.

An enger éischter Phas wäert d'Société Eschoise de Protection des Animaux nach selwer, mat den heifir gesammelten Donen, verschidde Renovatiounsaarbechten am Déierenasyl assuréieren. An engem zweete Moment wäert d'Stad Esch dann d'Struktur iwwerhuelen an d'Aarbechten ofschléissen, woufir en éischte Credit iwwer 150.000 € am ausseruerdentleche Budget ageschriwwen ass.

All d'Escherinnen an d'Escher wéilten a kéinten an enger méi propperer Stad Esch liewen. Hei muss ech heiansdo allerdéngs de Conditionnel vum Verb benotzen, well et leider ëmmer erëm Persoune gëtt, deenen et egal ass, wou hiren Dreck lant.

Ëmsou méi wëll ech d'Aarbecht vun eise Fraen a Männer vun der Hygiène ervirhiewen, déi voller Engagement fir e méi propert Esch suergen. Fir d'Ekippen am Asaz ze ënnerstëtzen, gëtt an neit Material

investéiert. Zwee nei Drecksautoe fir e gesamte Coût vun 919.000 € sollen 2026 kaf ginn. Weider Gefierer a Maschinnen fir e Käschtepunkt vu 418.000 € kommen hei dobäi.

Ze ernimmen sinn awer och d'Participatioune vun der Stad Esch an de jeeweilege Syndikater mat enger Vocatioun am Beräich vun der Hygiène. Den Apport am SIDOR ass op 690.000 €, den Apport am Minettkompost op 607.000 €, an den Apport fir de Centre de Ressources am SIVEC op 1,4 Mio. Euro chiffréiert.

D'Presentatioun vum ausseruerdentleche Budget 2026 wéilt ech ofschléisse mam spezifeschen Invest an d'Aarbechtskonditiounen vun deenen, déi mat hiren Iddien, Talenter a Kompetenze ganz praktesch dozou bäidroen, dass d'Stad Esch grad en neit Fréijoer erlieft.

Mer wëllen a kënnen hinnen déi Aarbechtskonditiounen erméiglechen, déi se verdéngt hunn. Vill vun den ugeschwaten Aarbechten gi vun eisen Atelieren an der Barbuerger Strooss aus koordinéiert, geréiert an ugefuer.

De Projet vu neie Gebailechkeeten wäert an enger éischter Phas eng 3,3 Mio. Euro kaschten an ass eng éischte Kéier mat engem Startcredit iwwer 200.000 € am ausseruerdentleche Budget ageschriwwen. Heibäi komme weider Artikelen iwwer 580.000 € fir verschidden Aarbechten op dësem Site.

Op Lankelz kritt de Service technique bâtiment déi passend Lokalitéiten an enger Hal amenagéiert. Den Invest heifir ass mat 2,8 Mio. Euro fir d'Joer 2026 chiffréiert. Um Kierfecht St. Joseph ginn d'Aarbechten fir nei Lokaler fir d'Espaces Verts an déi wichteg Phas, woufir 600.000 € am Budget ageschriwwe sinn.
Nieft de schonn ernimmte Gefierer a Maschinne sinn nach weiderer fir e Montant vun 799.000 € am ausseruerdentleche Budget ageschriwwen.

Zwee lescht Artikele sollt een nach ernimmen: eng speziell Pelle-arraignée fir de Kierfecht wäert eisen Doudegriewer d'Aarbecht vereinfachen. Dës Maschinn kascht 150.000 €.

Des Weidere soll och e gréisseren Invest an d'Sécherheetsekipement vun den Espaces Verts getätegt ginn, woufir 130.000 € am ausseruerdentleche Budget ageplangt sinn.

Léif Membere vum Escher Gemengerot, all déi genannt Zuelen hunn en direkten Impakt op d'Liewe vun de Mënschen an dëser Stad. Dofir ass et dem Schäfferot säin Uleies, den Escherinnen an Escher de proposéierte rektifizéierte Budget 2025 an de proposéierte Budget 2026 esou einfach an onkomplizéiert ewéi méiglech zougänglech ze maachen. Heifir ginn an dëse Minutten déi passend Dokumenter op den Internetsite vun der Stad Esch eropgelueden.

Zäitgläich heizou kréien d'Membere vum Gemengerot d'Devisen, déi mam Budget zur Ofstëmmung stinn, an den E-Conseil eropgelueden. All Fraktioun kritt eng Print-Versioun vun den Dokumenter zu Verfügung gestallt.

All Conseillère oder Conseiller, déi zousätzlech zu där Print-Versioun nach eng wéilt, kann dës nach bis de Mëtteg 12 Auer iwwer E-Mail beim Generalsekretariat bestellen. Dës zousätzlech Print-Versioun gëtt dann an den nächsten 48 Stonnen zougestallt.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut matgezielt, wäerte mir an néng Deeg hei op dëser Plaz iwwert de proposéierte rektifizéierte Budget

2025 an de proposéierte Budget 2026 diskutéieren an decidéieren.

De verstuerwenen däitsche Politiker Norbert Blüm sot: „Politik ist der Mut zu Prioritäten." Deemno besteet de politeschen Debat doran, seng Prioritéiten duerzeleeën, den Argumentaire heifir duerzestellen a mat de Prioritéite vum Vis-à-Vis ofzeweien.

Dëse politeschen Debat wäert an den nächsten Deeg an de verschiddenste Kommissiounen an an de verschiddenste Versammlunge gefouert ginn. De politeschen Debat an d'Decisioun vum Freideg an enger Woch wäert a ville Stonne peparéiert ginn.

E perséinlecht Wuert: De Budget 2026 ass entre-temps deen zéngten, deen ech däerf am Gemengerot matdiskutéieren a mat driwwer ofstëmmen. Un dësem wichtege Moment vun der Escher Demokratie bedeelegt ze sinn, hunn ech ëmmer als e Privileeg ugesinn.

An dësem Sënn freeën ech mech op konstruktiv, lieweg, kontrovers, awer fair an inhaltlech Diskussiounen iwwer déi proposéiert Budgeten. Diskussiounen, an deene jidderee probéiert, mat engem politeschen Argumentaire ze iwwerzeegen, ouni Versich, de Vis-à-Vis ze diffaméieren.

Domadder kéinte mir 19 zesummen ënnersträichen, dass d'Stad Esch den demokrateschen Debat besser wëll a ka gestalten ewéi vill aner Parlamenter a Gremien an dësen Deeg uechter Europa an uechter d'Welt.

En Debat iwwer de Wéi mer d'Zesummeliewen an der Stad Esch wëllen a kënne besser gestalten. En Debat iwwer de Wéi mer d'Liewensqualitéit vun den Escherinnen an Escher wëllen a kënne verbesseren.

Well d'Stad Esch den Usproch hat, den Usproch huet a wäert hunn, et besser ze wëllen an et besser ze kënnen.

Heimadder schléissen ech d'Sëtzung vun haut.

CONSEIL COMMUNAL



Christian Weis
CSV



Pierre-Marc Knaff
DP



André Zwally
CSV



Meris Sehovic
déi gréng



Bruno Cavaleiro
CSV



Mandy Ragni
déi gréng



Daliah Scholl
DP



Ben Funck
LSAP



Steve Faltz
LSAP



Liz Braz
LSAP



Enesa Agovic
LSAP



Sacha Pulli
LSAP



Pascal Bermes
CSV



Joy Weyrich
CSV



Marc Baum
déi Lénk



Bernard Schmit
ADR



Tammy Anna Broers
déi gréng



Dejvid Ramdedovic
CSV



Aldin Avdic
LSAP